# Interview mam Kim Kirchen iwwer d'Eenzelzäitfuere vum Škoda Tour de Luxembourg

De Kim Kirchen ass e Kand aus der Gemeng Nidderaanwen. De fréieren "Porteur" vum „Maillot jaune" oder dem „Maillot vert" vum Tour de France, schafft haut fir de Sportsministère a kommentéiert niewebäi och fir RTL Télé Lëtzebuerg déi gréisste Vëloscourssen. De fréieren Etappe-Gewënner vum Tour de Luxembourg, ass houfreg, dass d'Eenzelzäitfueren den 20. September a „senger" Gemeng stattfënnt.




v.l.n.r. : ***Kim Kirchen & Christophe Junker (Coordinateur sportif)***

Deen haut 47 Joer ale Kim Kirchen erkläert, firwat et derwäert ass, fir den 20. September live dobäi ze sinn:

„Wat interessant beim Eenzelzäitfueren ass, du kanns bei d'Busser vun den Ekippen an do deng Autogramme siche goen oder deng Foto maachen. Et ass och net déi Hektik, wéi bei engem Depart oder bei enger Arrivée. Fir d'Kanner ass dat ëmmer flott, si kënne no enger Kap oder fir e Bidon froen, do kritt een dat vill éischter. An dann huet een déi extra Zäitfuermaschinnen, dat ass och interessant fir e Vëlo-Fanatiker. Alles huet enorm evoluéiert, d'Tenuen, d'Helmer, d'Scheif hannen am Rad, ... Dat ass immens spektakulär. Et soll een awer oppassen, fir vläit déi Coureure manner unzeschwätzen, déi am General ganz vir sinn. Well déi sinn deen Dag extrem fokusséiert op hir Course. Een Tipp, gitt besser bei de Coureur, wann en seng Course fäerdeg huet, ewéi, wann en se nach virun sech huet."

An de zweefache Familljepapp ass och frou, dass „seng" Gemeng dem Vëlosport an dem Sport am Allgemengen oft eng Plattform bitt, fir sech ze weisen:

„Sou ewéi ech informéiert sinn, ass d'Gemeng Nidderaanwen ganz aktiv an deene Saachen, ewéi lo eben och, fir kënnen een Eenzelzäitfuere vum Škoda Tour de Luxembourg z'organiséieren. Dat war och réckwierkend schonn sou, wéi mir z. B. e Championnat haten, un deem ech selwer drun deel geholl hunn. Mir hate scho puer Mol e Critérium européen pour jeunes, mir sinn also och vill fir den Nowuess do. An dat ass hautzefraags rar, well et muss ee Stroosse spären, asw. A lo kritt een eppes mat dësem Eenzelzäitfuere gebueden, wat eemoleg ass. Dës Course huet sech enorm entwéckelt. Wann ech kucken, dass z. B. de Mathieu van der Poel d'lescht Joer um Depart war. Och e Mads Pedersen... A wann een zwee sou Coureure kann op Nidderaanwen bréngen, dann ass dat genial, well méi no kënns de net méi un déi drun. An et sinn ëmmer méi sou Top-Fuerer, déi gewëllt sinn ze kommen, well et besser organiséiert ass, well sech Leit Gedanken iwwer d'Streck maachen, déi selwer



gefuer sinn an der Zäit. An da bleift natierlech duerch d'Retransmissioun a ronn 100 Länner den Numm vun der Gemeng Nidderaanwen och mol hänke bei de Télé-Spectateuren."

Selwer war de Kim Kirchen och ganz erfollegräich beim Tour de Luxembourg. Hien erënnert sech gären zeréck:

„Ech hu flott Erënnerungen u meng aktiv Zäiten am Tour de Luxembourg. Ech hat deemools och e Joer mat enger super Ekipp, Fassa Bortolo, an do hunn ech dann och mol eng Etapp gewonne virum Oscar Freire oder och d'Etapp um „Huelen Zant". An dann och mat menge Supporter deemools, mengem Fan-Club, menger Famill, asw."

A wien de Kim Kirchen den 20. September wëll zu Nidderaanwen begéinen, deen huet Chance, well:

„Mat RTL wäerte mir och direkt op der Plaz si fir d'Iwwerdroung, anescht wéi beim Tour de France. Dat ass flott, et ass ee méi no drun, d'Lëtzebuerger Vëloszene trëfft sech, vun der aler bis zur neier Generatioun."

An dem Schluss mécht de Kim Kirchen nach een Opruff:

„De Vëlosport gëtt halt op de Stroosse gefuer, mee ech ruffen op, einfach och mol mat de Kanner kucken ze kommen. Vläit sinn déi jo och begeeschtert vum Vëlosport. Ech hoffe jiddefalls op Verständnis vun de Leit."